ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministeran un d'Madamm Banneministesch weiderzeleeden.

Am Kader vun der rezenter Kampagn vun der Regierung, fir sech géint Hepatits impfen ze loossen (Welt-Hepatitis-Dag, den 28. Juli), gouf eis de Fall zougedroe vun enger eelerer Persoun, déi vum CGDIS-Médico Blutt ofgezaapt krut, fir hiren Hepatitis-Schutz ze iwwerpréiwen. De Mann krut dunn e Bréif, an deem him matgedeelt gouf, datt seng Wäerter ze niddreg wieren an datt hien eng nei Impfung misst maachen, ee Service, dee si him am Médico och ugebueden hunn. Op seng Nofro hi krut de Mann gesot, datt hien déi Impfung och bei sengem Hausdokter maache kéint, wat de Mann dunn och gemaach huet. D'Sprëtz an der Apdikt huet hie 26 Euro kascht. Hien huet du beim CGDIS nogefrot, fir déi 26 Euro, déi am Géigesaz zu der Visitt beim Dokter net vun der CNS iwwerholl goufen, rembourséiert ze kréien, wat awer laut Ausso vum CGDIS-Médico net méiglech an och net virgesi wier.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamme Minister:

1) Kann d'Regierung preziséieren, firwat eng Hepatitis-Impfung, déi vum CGDIS gratis ugebuede gëtt, net rembourséiert gëtt, wa se vum Hausdokter duerchgefouert gëtt?
2) Firwat gëtt d'Impfung géint Hepatitis net generell vun der CNS rembourséiert, onofhängeg dovun, ob se an enger Apdikt oder an enger Klinik duerchgefouert gouf? Steet dat net am Widdersproch zur Impfkampagn vun der Regierung am Kader vum Welt-Hepatitis-Dag?
3) A wéi enge medezineschen Ariichtunge vum Land ass et zur Zäit méiglech, sech géint Hepatitis impfen ze loossen?
4) De Fall gesat, et ass net méiglech, sech an alle Klinike vum Land géint dës Krankheet ze impfen. Ass d'Regierung net der Meenung, datt dëst eng Diskriminéierung géint d'Awunner vun der betreffender Regioun ass?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742